LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

La Ministre de la Coopération
et de l'Action humanitaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 NOV. 2019

Luxembourg, le 26 novembre 2019

**La Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire**
**à**
**Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement**

*Objet :* *Réponse commune à la QP 1406 du 29 octobre 2019*

*J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire et de M. le Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 1406 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser pour transmission à la Chambre des Députés.*

*Paulette LENERT*

**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Paulette Lenert, Minister fir d'Kooperatioun an déi humanitär Aktioun, an den Här Jean Asselborn, Aussen- an Europaminister, op d'parlamentaresch Fro Nummer 1406 vum 29. Oktober 2019 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1. Di Lëtzebuerger Regierung betruecht d'Situatioun vun der gesamter Zivilbevëlkerung am Burkina Faso mat Onrou an dozou gehéiert selbstverständlech och di chrëschtlech Bevëlkerung. D'Zuel vun den intern Deplacéierten, vun deenen et der offiziell op mannst 486.000 ginn, a vun den Doudesaffer vun allen Konfessiounen hellt zou.

2. D'Aktivitéite vu bewaffneten terroristesche Gruppéierungen, huet um ganzen Territoire am Burkina Faso zougeholl. Den Nährbuedem dofir sinn d'Aarmut, d'Schwaachstellen vun der Gouvernance, d'Impunitéit, déi verschidden Trafikken (Drogen- a Waffenhandel, Mënschenhandel) an d'Konsequenze vum Klimawandel op den Zougank zu Ressourcen.

3. Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Regierung vum Burkina Faso, ee Partnerland vun der Lëtzebuerger Entwécklungszesummenaarbecht, am Kampf géint den Extremismus, den Terrorismus an den Haass, genee wei an der Verdeedegung vun eise gemeinsame Wäerter vu Fridden a Gerechtegkeet.

4. Lëtzebuerg ënnerstëtzt déi gesamt Bevëlkerung am Burkina Faso an domat och d'Chrëschten déi do liewen. Eng Äntwert op esou ee komplexe Problem wéi den Terrorismus ka just global a ganzheetlech sinn a mir applizéieren do eis bewäerten Approche vun den "3D" wou d'Mëttel vun der Diplomatie, vum Développement a vun der Défense komplementar agesat ginn.

5. Lëtzebuerg hëlt d'Sécherheetssituatioun vun allen ONGen um ganzen Territoire vum Burkina Faso eescht. Lëtzebuerg huet an dem Sënn den Austausch mat den ONGen iwwert d'Sécherheetslag intensivéiert, an hinnen och Sensibilisatiounen iwwert dat humanitäert Vëlkerrecht offréiert. 16 ONGen sinn den Ament op der Platz aktiv:

- Action Solidarité Tiers Monde
- Association pour la promotion des Iles de Paix
- Croix-Rouge luxembourgeoise,
- ECPAT Luxembourg
- Fondation Chrétiens pour le Sahel
- Fondation Dr. Elvire Engel
- Fondation Follereau Luxembourg
- Frères des Hommes
- Hand an Hand – Kanner, Elteren, Drëtt Welt
- Handicap International Luxembourg
- Le Soleil dans la main
- Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren
- Pharmaciens sans Frontières
- Solidarësch Aktioun Echternach
- SOS Faim
- SOS Sahel

6. Lëtzebuerg wäert weiderhin eng global an inklusiv Entwécklungszesummenaarbecht am Burkina Faso féiere fir zur Stabiliséierung vum Land bäizedroen. Eise laangjäregen Engagement am Burkina Faso weist, dass Lëtzebuerg e Partner ass, op dee Verlooss ass, och wann d'Sécherheetslag den Asaz méi schwéier mécht.